


02. Juli 2022 / 56

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,


Gläich ass Vakanz, wou verschidden Sektiounen e klengen Camp organiséieren. Hinnen vill Spaass gewënscht ☺. Aner Sektiounen besichen mat hiren Jugendlech e Park oder ginn an de Congé a preparéieren Saison déi am Hierscht.

CTIF Olympiad zu Celje (Slowenien)
steet virun der Dier an eis 4 Équipen, d.h. 1 Jugend- a 3 Erwuessen-Équipen stinn an de Startlëscher. Programm fand dir ënnert ctif2022.com. Mir drécken hinnen alleguerten eis Daumen.




Mir gratuléieren fir de
**4**ten Geburtdag:

Foto: Pavant Loic



Merci iech alleguerten firt deelhuelen um Nationalfeierdag an villen Gemengen. Flott Biller waren ze gesinn.

Mir wënschen Iech alleguerten eng schéin Vakanz mat engem flotten Summer.
Bleift gesond.

**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

**POMPJEESVERBAND FLASH** Save the date 2022

**SPILLERDAG fir d'Jugendpompjeeën Regioun Zentrum**
09.07.2022 zu Béiwen/Attert

**Rallye pédestre fir d'Jugendpompjeeën CIS-GM**
09.07.2022 zu Määrtert (grousse Parking) vun 13.00 Auer un.
E-mail: markay1172"gmail.com

**CTIF Pompjees-Olympiad**
17. bis 24.07.2022 zu Celje a Slowenien

**World Rescue Challenge**
07. bis 11.09.2022 um CNIS Lëtzebuerg

**2. Journée Nationale de la Sécurité**
11.09.2022 um CNIS Lëtzebuerg

**Nationaler Feuerwehr-Cross**
01.10.2022 in Weiswampach

# EVENT-KALENNER:

Hutt Dir eng Festivitéit mat Ärer Amicale, Ärem CIS oder soss eng Manifestatioun? Deelt des gären per Mail op **communication@cgdis.lu** mat.

## INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

| 2022 | | |
|---|---|---|
| **Juli** | **30.07.** | **Clervaux** |
| **August** | **27.08.** | **Beckerich** |
| **September** | **24.09.** | **CNIS** |
| **Oktober** | **29.10.** | **Itzig** |
| **November** | **26.11.** | **CNIS** |
| **Dezember** | **17.12.** | **Bascharage** |

No folgend fënns du dann och nach den Link fir déi nei Newsletter CGDIS 06/2022: https://gd.lu/75gwnR

Matdeelung säitens INFS:

Den Service INFS-Jugendaarbecht mat sengen Mataarbechter Thomas Michels a Sven Kohnen sinn ab elo ënnert E-Mail Adress : infs-jp@cgdis.lu resp. iwwert Telefonsnummer: 49771-2591 ze erreechen.

# Flott Aktioun aus der Jugendaarbecht:

Lëtzebuerger Jugendpompjeeën bei der Iechternacher Sprangprëssioun:






**CISP - Centre d'Incendie et de Secours Pétange**

Am Samstag, den 04.06.2022 fand der regionale Cross der Feuerwehren der Region SUD in Rodingen statt.
Insgesamt 81 Feuerwehrleute von 10 verschiedenen Einsatzzentern beteiligten sich dieses Jahr am Cross der Region SUD, die von der Amicale CIS Pétange in Zusammenarbeit mit dem Regional-verband SUD organisiert wurden.

Von 14:15 Uhr bis kurz nach 16:00 Uhr fanden die einzelnen Wettläufe statt. Die Veranstalter, sowie die Teilnehmer waren vollster Zufriedenheit über den reibungslosen Ablauf und die kameradschaftlichen Beziehungen die zwischen den einzelnen Einsatzzentern und Teilnehmern herrschten.
Wie bei allen sportlichen Begegnungen der hiesigen Feuerwehren ist wiederum auch hier die große Teilnehmeranzahl von Jugendlichen hervorzuheben. So starteten in den Klassen Minimes, Pupilles I, Pupilles II insgesamt 55 Jugendliche von denen 12 Mädchen waren.
CISP - Centre d'Incendie et de Secours Pétange www.cisp.lu




**Centre d’incendie et de secours Dudelange**

Familjendag 2022 - Jugend CIS Diddeleng

Och dëst Joer huet d‘Jugend vum CIS Diddeleng um Familjendag deelgeholl. Mat verschidden Atelier‘en wou vun den Kanner an Jugendlecher geleet goufen waren mir präsent.
Vum Kiwwelspretzspill, Reanimatiounsvirféirung, Rauchdemohaus bis hin zu engem Bastelatelier konnten d'Familljen bei eis aktiv matmaachen.
Wärend dem Dag waren déi Atelier‘en ganz guud besicht.



**Pompjeesmusée "an der Géitz"**

De 04. Juni war d’Ekipp vun de Jugendpompjeeën vu Mäerzeg am Pompjeesmusée zu Besuch.

Ee coole Groupp.

**Jugendpompjeeën CIS-Lintgen**

Bei eiser Jugend Thema stoung Eischt Hellef erem am Virdergrond.





Si hunn geleiert wei een Verbänn meescht, een Dreiecksduch benotzt an wei een mam Stifneck emgeet.

Dono hunn si sech nach bessi mam Spineboard dierfen auserneen setzen an hunn een klengen Hindernissparcours missen duerchlafen.

**Jugendpompjeeën Reiden**

Et huet geheescht et wier eng Persoun vun engem Regal gefall an der Schoul um 3 Stack.

Vir d’éischt ass d'Ambulanz dohinner geruff ginn wei dei éischt Réckmeldung gemaach ginn ass hunn si Dreileeder an an nach een HLF nogeruff.

De Patient ass schlussendlech mat der DLK erof geholl ginn.






## CIS Bettembourg - Centre d'Incendie et de Secours Bettembourg



Trotz de waarmen Temperaturen, huet d'Jugend sech um Samschdeg Mueren am Zenter getraff.

Vu dass Nationalfeierdag ëmmer méi no kënnt ass e bësse Foussdéngscht fir d'Festivitéiten a de Cortège gemaach ginn.

No enger Paus, an genuch Waasser, stoung nach den RTW um Programm. Zesummen hu mer eis deen RTW ugekuckt, an dat eent oder anert Material getest.

**Ronderëm den Nationalfeierdag (MERCI) :**



Iechternach

Rambrouch





Réiden



Remich

Rumelange





Troisvierges

Jugendpompjeeën ënnerwee am Park:



**CIS Nordstad**

D'Jugendpompjeen waren op den Ausfluch ant Phantasialand.

Gewënner vum Rallye – Kongress 2019 – endlech am Eifelpark :









**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068